

GUDU!

#14

Mieux s'informer, mieux consommer



Nouveau label
pour les centres équestres

**Kiki
Ricki**

Der Honig,
Schatz
der Bienen



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

AUSSTELLUNG EXPOSITION

08.07

2023

-

13.01

2024



VU
GÄERT A
BICHER



Bibliothèque nationale du Luxembourg
Nationalbibliothéik

BNL.LU

GUTT+GOOD =
GUDU!
#14

SOMMAIRE

LU/DE

- 4** Interview mam Claude Haagen
- 8** Bekämpfung vun der Antibiotikäresistenz bei den Díieren
- 16** Ënnen: vum Feld op den Teller
- 22** „Mir sinn Antigaspi, an Dir?“

KIKI RICKI

- 29** Der Honig, Schatz der Bienen
- 38** Rezept: Lebkuchen

LU/DE

- 42** Neues Label für Pensions- und Turnierställe
- 46** Tierversuche vermeiden: Luxemburg an der Spitze
- 50** LEADER 2023-2029: „MéenschenGestalten. Regiounen.“
- 54** Erneuerbare Energien erobern die Bauernhöfe
- 60** E ganze Programm fir eng besser Liewens-qualitéit an den Dierfer
- 64** Förderung von Antigaspi-Events

KONTAKTE

- 66** Är Froen

FR

- Interview de Claude Haagen
- Lutter contre l'antibiorésistance chez les animaux
- Oignons: du champ à l'assiette
- «Nous sommes antigaspi, et vous?»

KIKI RICKI

- Le miel, trésor des abeilles
- Recette: pain d'épices

16



46



60



Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural



D'Antibiotiquë-resistenz, eng Menace fir d'Déieren

L'antibiorésistance, une menace pour les animaux

D'Antibiotiquë gi reegelméisseg verschriwwen fir den Déieren hir Infektiounen ze heelen. De Minister Claude Haagen erkläert d'Erausfuerderungen, déi mat engem net dofir géeegente Gebrauch verbonne sinn an d'Moossnamen déi ergraff goufe, fir d'Resistenz géigeniwwer dëse Medikamenter erof ze setzen.

Les antibiotiques sont régulièrement administrés pour soigner les infections des animaux. Le ministre Claude Haagen explique les défis liés à leur usage non adapté et les mesures mises en place pour réduire la résistance à ces médicaments.— Lire p.6

Lëtzebuergesch

Firwat ass de Kampf géint d'Antibiotiquëresistenz esou wichteg fir d'Landwirtschaft?

An Europa wéi och am Rescht vun der Welt gëllt d'Resistenz zu den Antibiotiken zu de gréisste Menacë fir d'ëffentlech Gesondheet vun de Ménschen an Déieren. Dësen émmer méi grousse gesondheetlechen Defi huet

vill Konsequenzen: Méi laang Openhalter an der Klinik, e méi héije Stierflechkeetstaux an och therapeutesch Enkpäss.

An dësem Kontext huet Europa 2020 den European Green Deal an d'Liewe geruff, dat heescht eng „Farm to fork“-Strategie an dár et ee vun den Objektiver ass, de Verkaf vun antimikrobielle Wierkstoffen fir d'Déierenzuucht a fir d'Aquakultur ém 50% bis 2030 ze reduzéieren.

Ënner allen EU-Länner ass Lëtzebuerg ee vun de klengste Verbraucher, wann et ém Notzdéiere geet, déi Liewensmëttel produzéieren. An dësem Secteur sinn awer nach méi Efforten néideg, well eng Rei Medikamenter, déi als kritesch agestuift goufen, nach émmer wäit verbreet sinn an d'Déieren iwwert d'Drénkwaasser erreechen. An hirem Europäesche Projet iwwert d'Iwwerwaache vum Antibiotiquëverbrauch am Veterinärberäich (ESVAC), stellt d'Europäesch Agence vun de Medikamenter fest, datt Lëtzebuerg 2021 eng Consommatioun vu 27,1 mg/PCU (Population Correction Unit) hat. Bal 2% vun de gebrauchten Antibiotiquë gehéieren allerdéngs zu der Klass vun den als kritesch agestuufte Celaphalosporinnen.

Wat fir eng Ziler huet de Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwicklung sech an dësem Secteur gesat?

Am Joer 2016, beim Ënnerschreiwe vun der UNO-Deklaratioun huet de Premier Xavier Bettel sech engagéiert, sech fir de Kampf géint d'Antibiotiquëresistenz anzesetzen. An der Regierung hunn eise Ministère, d'Ministère

vun der Gesondheet, dem Konsumenteschutz, de Familljen, der Integratioun an der Grouss- regioun esou wéi och den Ëmweltministère deciéiert, an déser Thematik enk mat verschiddenen Europäeschen Institutiounen zesummen ze schaffen.

Virun den Erausfuerderungen, déi mat der Antibiotiquëresistenz an hiren Auswirkunge verbonne sinn, hunn d'Weltgesondheets- organisatioun (WHO), d'Weltorganisatioun fir d'Gesondheet vun den Déieren (OIE), d'Ernährungs- a Landwirtschaftsorganisatioun vun de Vereenegten Natiounen (FAO) an och d'Europäesch Kommissioun de Memberstaate geroden, eng national Strategie z'entwéckelen. Dës muss op engem "One-Health"-Usaz baséieren a mënschlech, déiremedezinesch an ekologesch Aspekter èmfaassen.

Wéi eng Roll spillt de Ministère?

Am Kader vum Nationalen Antibiotiquë Plang (NAP) 2018-2024, verfollegt Lëtzebuerg mat désem „One-Health“-Usaz d'Zil, d'Optrieden, d'Entwicklung an d'Iwwerdroe vun Antibiotiquëresistenzen bei Déieren ze reduzéieren.

De Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwicklung wëllt mam NAP eng Roll bei der Sensibiliséierung an der Educatioun spiller. Ee vun eisen Ziler ass iwwregens d'Bewosstsinn an d'Verständnes bei der Bevölkerung an de Professionellen aus dem Gesondheetssektor duerch eng adaptéiert Kommunikatioun ze verbesseren.

Wéi kënnen d'Akteure vum Terrain (Baueren, Veterinären asw.) lech bei déser Demarche hëllefen?

Et ass immens wichteg, datt jiddereen no sengem Moossstaf sain Deel dozou báidréit. Aus deem Grond riichte mir en Appell un d'Bevölkerung, d'Veterinären an all déi, déi Déieren halen. Mir invitéieren si, d'Antibiotiquë verantwortungsvoll anzesetzen, fir datt si och an Zukunft nach effikass Mëttelen zur Verfügung hunn fir géint schwéier Infektionen kämpfen ze kënnen. Op eiser Sait verflichte mir eis, eng reegelméisseg Zesummenarbecht mat dësen Acteuren ze leeschten.

Wat fir eng Erausfuerderunge bleiwen nach ze bewältegen?

De NAP gëtt Enn 2024 ofgeschloss. Dono ass et dann un der Zäit, d'Reussitten ze analyséieren a Verbesserungsméiglechkeete festzeleeën, déi dann an den nächste Plang bis 2025 afléisse kënnen.

„Et ass immens wichteg, datt jiddereen no sengem Moossstaf sain Deel dozou báidréit.“

«Il est essentiel que chacun contribue à son échelle.»

Claude Haagen

Français

Pourquoi la lutte contre l'antibiorésistance est-elle si importante dans l'agriculture ?

En Europe comme dans le monde, la résistance aux antibiotiques figure parmi les plus grandes menaces pour la santé publique humaine et animale. Ce défi sanitaire croissant a de nombreuses conséquences : des durées d'hospitalisation allongées, une hausse de la mortalité ainsi que des impasses thérapeutiques.

Dans ce contexte, l'Europe a mis en place en 2020 l'European Green Deal, une stratégie « Farm to fork » dont l'un des objectifs est de réduire les ventes d'antimicrobiens destinés aux animaux d'élevage et d'aquaculture de 50 % d'ici 2030.

Parmi l'ensemble des pays de l'UE, le Luxembourg est l'un des plus petits consommateurs en ce qui concerne les animaux de rente, producteurs de denrées alimentaires. Des efforts restent toutefois à fournir dans ce secteur, car certains médicaments considérés comme critiques restent largement utilisés et sont souvent administrés par l'eau d'abreuvement. Dans son projet européen de surveillance de la consommation d'antibiotiques dans le milieu vétérinaire (ESVAC), l'Agence européenne du médicament relève qu'en 2021 le Luxembourg avait une consommation de 27,1 mg/PCU (Population Correction Unit). Près de 2 % des antibiotiques utilisés appartenaient toutefois à la classe des céphalosporines, jugée critique.

Quels objectifs le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural s'est-il fixés dans ce domaine ?

En 2016, lors de la signature de la déclaration

de l'ONU, le Premier Ministre Xavier Bettel s'est engagé à lutter contre la résistance aux antibiotiques. Au sein du gouvernement, notre ministère ainsi que ceux de la Santé, de la Protection des consommateurs, de la Famille, de l'intégration et de la Grande Région et celui de l'Environnement ont décidé de collaborer étroitement avec plusieurs institutions européennes sur cette thématique.

En effet, face aux enjeux liés à l'antibiorésistance et ses impacts, l'Organisation Mondiale de la Santé (OMS), l'Organisation mondiale de la santé animale (OIE), l'Organisation des Nations unies pour l'alimentation et l'agriculture (FAO) ainsi que la Commission européenne ont conseillé aux États membres d'élaborer une stratégie nationale. Cette dernière doit reposer sur une approche « One Health » et inclure les aspects humains, vétérinaires et environnementaux.

Quel rôle le ministère joue-t-il ?

Dans le cadre du Plan National Antibiotiques (PNA) 2018-2024, le Luxembourg poursuit l'objectif de réduire l'émergence, le développement et la transmission des résistances aux antibiotiques chez les animaux, grâce à cette approche « One Health ».

Le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural entend jouer, avec le PNA, un rôle de sensibilisation et d'éducation. L'un de nos buts est en effet d'améliorer la prise de conscience et la compréhension de la population ainsi que des professionnels de santé à travers une communication adaptée.

Comment les acteurs du terrain (agriculteurs, fermiers, vétérinaires) peuvent-ils vous aider dans cette démarche ?

Il est essentiel que chacun contribue à son échelle. Pour cette raison, nous lançons un appel à la population, aux vétérinaires et aux détenteurs d'animaux. Nous les invitons à utiliser les antibiotiques de manière responsable pour continuer à pouvoir disposer de moyens efficaces contre les infections sévères. Nous nous engageons de notre côté à collaborer régulièrement avec ces acteurs.

Quels défis reste-t-il à relever ?

Le PNA se clôturera à la fin de l'année 2024. Le moment sera alors venu d'analyser les réussites et de déterminer les axes d'amélioration pour établir le prochain plan à l'horizon 2025.



Photographe: Simon Verjus (Archives Maison Moderne)

Bekämpfung vun der Antibiotiquë- resistenz bei den Déieren

Lutter contre l'antibiorésistance chez les animaux



D'Resistenz géint d'Antibiotiquen ass eng vun de gréisste Bedrohungen esou wuel fir d'Santé publique wéi och fir d'Gesondheet vun den Déieren.

La résistance face aux antibiotiques constitue l'une des plus grandes menaces aussi bien pour la santé publique que pour la santé animale.

— Lire p.12

 www.agriculture.public.lu
www.sante.public.lu



Lëtzebuergesch ntibiotiquë gi bei Déiere fir d'Behandlung vun Infektiounskrankheeten agesat.

Eng Rei dovu ginn awer ze heefeg verschriwwen an de Mëssbrauch oder eng falsch Uwendung vun dése Medikamenten verursaacht d'Optrieide vu resistente Mikroorganismen. Esou eng Antibiotiquëresistenz kann dofir zu enger méi grousser Morbiditéit a Mortalitéit féieren.

An dësem Kader huet den NAP (Nationalen Antibiotiquëplang) d'Zil, d'Optrieden, d'Entwicklung an d'Iwwerdroe vun den Antibiotiquëresistenzen zu Lëtzeburg erofzédrécken. De Plang gouf no der Approche One-Health opgestallt. Dat ass e multidisziplinären a multisectoriellen Usaz, deen Aspekter vum Mënsch, der Déieremedizin an der Ëmwelt begräift. Den NAP gouf 2018 fir eng Period vu véier Joer opgesat a bis 2024 verlängert. De Marc Vaessen, Bauer a Veterinär, erklärt: „Wéi aner Bauere wéll ech net, datt eent vu mengen Déieren un enger schwéier ze kontrolléierbarer Infektioun leit, an dat opgrond vu Multiresistenzen géint Antibiotiquen. Eis Gesellschaft muss do eppes énnerhuelen an dat ass de Fall mam NAP. Fir déi richteg Moossnamen ze ergräifen, brauch een onbedéngt e strukturéierten a koordinéierten Usaz. Als Mëllechbauer énnerstëtzen ech d'Zil vum Nationale Plang zu 100%, well jidder Infektioun verschlechtert d'Wuel vun den Déieren, verursaacht zousätzlech Aarbecht an esouquer eng finanziell Perte.“

Fir dem allgemengen Zil vum NAP gerecht ze ginn, huet e Leedungskomitee eng Bestandsopnam vun der Antibiotiquëresistenz duerchgefouert, déi émmer méi zouhëlt an Auswirkungen op d'Gesondheet, awer och op d'Wirtschaft huet. Verschidden Aarbeitsgruppen hunn och eng Rëtsch Virschléi ausgeschafft, déi sech op fénnef Haaptpunkte konzentréieren an zwar ém d'Sujete vun der Gouvernance, der Gesondheet vum Mënsch an Déier an och der Ëmwelt. A jidderengem vun dësen Themeberäicher goufe Moossnamen an Aktivitéiten émgesat oder geplant.

Zwee Ministèrë si fir d'Ëmsetzung vum NAP zoustänneg: de Ministère fir d'Landwirtschaft, de Wäibau an d'ländlech Entwicklung an de Gesondheetsministère. Den Éischten ass un dësem Plang bedeelegt, besonnesch an der Ausféierung vun de

Moosnamen am Zesummenhang
mat der Gesondheet vun den Déieren.

Engagéiert Acteuren op der Plaz

D'Lëtzebuerger Veterinärs- a Liewensmëttel-Administratioun (ALVA) ass voll engagéiert, fir d'Ziler vum NAP z'erreechen. Esou sëtzt hir Direktioun am Nationalen Antibiotiquë-Komitee, deen d'Aufgab huet, d'Aktivitéiten am Zesummenhang mat der Antibiotiquëresistenz ze superviséieren, Aarbechtsgruppen opzestellen a Partnerschaften op nationalem, europäeschem an internationalem Niveau opzebauen. Eng Nominatioun, déi et erméiglecht, direkt op d'Gouvernance-Achs anzewierken.

De breede Publikum an d'Professioneller informéieren

Wärend dem Europäeschen Antibiotiquen-Informationusdag den 18. November 2023 féieren déi zwee Ministèrë Sensibiliséierungscampagnen iwwert verschidde Kanäl duerch: Poster, Flyeren, Videoen a Broschüren, déi vun den Aarbechtsgruppe kreeéiert goufen. Hiert Zil ass et, d'Proprietäre vun Déieren, d'Baueren, d'Dokteren an d'Veterinären dozou ze beweegen, Antibiotiquen némmen ugemooss an op Verschreiwung vun engem Medezinner oder engem Gesondheetsprofessionellen ze gebrauchen, esou dass hir Efficacitéit ka garantéiert ginn. De Marc Vaessen mengt: „*Et ass absolut néideg, Opklärungsarbecht ze leeschten, mee um Terrain kann een nach méi erreechen. Mir mussen d'Aarbechtsweis op de Bauerenhäff nei iwwerdenken an d'Zesummenarbecht téscht de Baueran an de Veterinären nach optiméieren, fir op d'Preventioun z'insistéieren*“.

Et goufen och Informatiouns-Soiréen organiséiert, fir d'Situatioun zu Lëtzebuerg virzestellen an sech beim Austausch vun Temoignagë vun Experten e Bild maachen ze kënnen.

Fir de breede Publikum ze sensibiliséieren an d'Leit dovun z'iwwerzeegen, gutt opzepassen, goufen Informatiounsstänn op der Foire Agricole zu Ettelbréck opgeriicht. Och Professioneller aus der Gesondheetsbranche kënnen sech iwwert d'Fortschrëtter vum Nationalen Antibiotiquë-Plang informéieren an dat speziell den 29. November 2023 wou eng Konferenz organiséiert gëtt.

Prevenéieren amplaz heelen

Fir de Gebrauch vun Antibiotiquen



erofzesetzen, muss een onbedéngt d'Preventiounsmëttelle fir Infektionskrankheete bei Déiere besser asetzen. Dozou gehéieren z. B. Impfungen oder d'Biosécherheet (eng Rëtsch vu Moosname fir ze verhënneren, datt Organismen, déi fir Déiere schiedlech sinn, erageschleeft an/oder verbreet ginn). D'Bauere ginn all Dag iwwert d'Wichtegkeet vun den Impfungen, dem Wuelbefanne vun den Déieren, enger gudder Hygiène an enger gesonder Ernährung opgekläert. Nom Marc Vaessen: „*Et ass wichtig, e Monitoring vun Infektionskrankheeten a Bakterien duerchzeféieren, fir d'Situatioun aschätzen ze kënnen a bei Problemer ze reagéieren. D'Immunitéit vum Déier ass e Schlésselfaktor. Fir se ze verbesseren, muss een d'Ernährung an d'Ëmwelt vum Déier (Hygiène, Confort, Stress) optiméieren an déi disponibel Impfstoffer asetzen. Op eisem Haffféiere mir Antibio-grammer an de Mëllechprouwe vun infizéierte Kéi duerch, fir resistant Bakterien ze fannen.*“

Baueren a Veterinäre kënnen dësen Hierscht un enger Formatioun an Zesummenaarbecht mam Lycée Technique Agricole an der Landwirtschaftskummer deelhuelen



D'ALVA ass voll engagéiert,
fir d'Ziler vum NAP
z'erreechen.



a méi iwwert d'Biosécherheet gewuer ginn.
D'Zesummenarbecht téscht dem Ëmwelt-
an dem Landwirtschaftsministère gouf och
verstärkt, fir d'Biosécherheet beim Bau a bei
der Renovéierung vu Ställ ze verbesseren.

D'Ae grouss ophalen

Zu de Prioritéite vum NAP gehéiert
d'Kreatioun vun engem nationale System
fir d'Iwwerwaachung vun den Donnéeën
iwwert den Antibiotiquégebrauch am Veteri-
närsecteur, awer och d'global Analyse vun
den Donnéeën iwwert Antibiotiqué-
resistenzen aus de verschiddene Secteuren,
dorënner och den Déiereselecteur. Vun 2024
u mécht den eischte Rapport annuel et
méiglech, dës Donnéeë vun engem Joer op
dat anert fir Lëtzebuerg ze vergläichen,
awer och mat den Nopeschlänner an den
europäesche Länner.

All Land muss der Europäescher
Medikamenten-Agence och Donnéeën
iwwer de Verkafsvolumen an de Gebrauch
vun antimikrobielle Medikamenten, jee
no Déierenaart, mellen. Am Januar 2023
gouf eng Antibiotiquendatebank, genannt

„ALVA administration des médicaments
aux cheptels“, an d'Liewe geruff. Do
mussen d'Veterinären déi antimikrobiell
Medikamenter, déi de geziichten Déiere
gi goufen, mellen.

Schlisslech gi Réckstänn vun Anti-
biotiken a resistente Bakterien a Liewens-
mëtteli vun déiereschem Ursprung vun
der ALVA énnert d'Lupp geholl. D'Agence
hëlt Prouwen, fir d'Resistenz vun den
Antibiotiken ze bestëmmen. D'ALVA
hëlt zum Beispill all Joer Prouwe vu
Muskelfleesch, Eeër, Hunneg, Réimöllech
a Geträips vu Ranner, Schof, Schwäin,
Päerd, Kanéngercher, Gefügel a Beien, fir no
Réckstänn vun Antibiotiken a resistant
Bakterien ze sichen. An de leschte 5 Joren
(2018-2022) goufen ongefíier 170 verschidde
Substanzen an 1300 Echantillone gesicht.
Déi goufen op Bauerenhäff, a Schluecht-
haiser, bei Produzenten, am Handel a beim
Import geholl. All dës Donnéeë goufen un
d'Europäesch Agence fir Liewensmëttel-
sécherheet (EFSA) geschéckt an d'Resulta-
ter ginn an de Rapports Annuelle fir ganz
Europa veröffentlecht.



Français

I es antibiotiques sont utilisés pour traiter les maladies infectieuses chez les animaux.

Or, certains sont trop souvent prescrits et l'abus de ces médicaments ou leur mauvaise utilisation cause l'apparition de micro-organismes résistants. L'antibiorésistance peut donc provoquer une hausse de la morbidité et de la mortalité.

Dans ce cadre, le PNA (Plan National Antibiotiques) a pour but de réduire l'émergence, le développement et la transmission des résistances aux antibiotiques au Luxembourg. Ce plan a été élaboré selon l'approche One Health, une approche multisectorielle et multidisciplinaire qui inclut les aspects humains, vétérinaires et environnementaux. Crée en 2018 pour une période de quatre ans, le PNA a été prolongé jusqu'en 2024. Marc Vaessen, fermier et vétérinaire, explique: « *Comme les autres fermiers, je ne souhaite qu'aucun de mes animaux ne souffre d'une infection ingérable à cause d'une multirésistance aux antibiotiques.* »

La société doit agir et c'est le cas avec le PNA. Pour prendre les mesures appropriées, il faut une approche structurée et coordonnée. En tant que producteur de lait, je soutiens à 100% le but du Plan national car chaque infection détériore le bien-être animal, entraîne du travail supplémentaire et une perte financière. »

En vue de répondre à l'objectif général du PNA, un comité de pilotage a réalisé un état des lieux sur l'antibiorésistance qui est toujours plus importante et qui a des conséquences sur la santé, mais aussi sur l'économie. Des groupes de travail ont également soumis de nombreuses propositions qui se déclinent en cinq axes autour de la gouvernance, la santé humaine et animale ou encore l'environnement. Dans chacun de ces thèmes, des mesures et activités ont été mises en place ou sont prévues.

Deux ministères sont chargés de la mise en œuvre du PNA: celui de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et celui de la Santé. Le premier est impliqué



dans ce plan, en particulier dans la réalisation des actions en lien avec la santé animale.

Des acteurs engagés sur le terrain

L'Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire (ALVA) est pleinement engagée pour réaliser les objectifs du PNA. En effet, sa direction fait partie du Comité National Antibiotiques qui a pour mission de superviser les activités liées à l'antibiorésistance, de mettre en place des groupes de travail et de créer des partenariats au niveau national, européen et international. Une nomination qui permet d'agir directement sur l'axe gouvernance.

Informer le grand public et les professionnels

Lors de la journée européenne d'information sur les antibiotiques, le 18 novembre 2023, les deux ministères mènent des campagnes de sensibilisation à travers différents canaux : affiches, flyers, vidéos et brochures rédigés par des groupes de travail. Leur but : encourager

L'ALVA est pleinement engagée pour réaliser les objectifs du PNA.

les propriétaires d'animaux, les agriculteurs, les médecins et les vétérinaires à utiliser les antibiotiques de manière adéquate et uniquement sur prescription d'un professionnel de santé pour garantir leur efficacité. Selon Marc Vaessen, « *sensibiliser est indispensable, mais on peut aller plus loin sur le terrain. Il faut repenser la façon de travailler sur les fermes et optimiser la collaboration entre fermiers et vétérinaires pour insister sur la prévention.* » Des séances d'information ont aussi été organisées pour présenter la situation au Luxembourg et partager des témoignages d'experts.

Afin de sensibiliser le grand public et l'inviter à rester vigilant, des stands d'information ont été installés lors de la Foire Agricole d'Ettelbruck. Les professionnels de la santé pourront découvrir, lors d'une conférence organisée le 29 novembre 2023, les avancées du Plan National Antibiotiques.

Prévenir plutôt que guérir

Réduire l'usage des antibiotiques passe par une meilleure utilisation des moyens de

prévention des maladies infectieuses chez les animaux, comme la vaccination ou la biosécurité (ensemble de mesures visant à prévenir l'introduction et/ou la propagation d'organismes nuisibles aux animaux). Les agriculteurs sont sensibilisés au quotidien à l'importance de la vaccination, du bien-être animal, d'une bonne hygiène et d'une alimentation saine. « *Il est important de réaliser un monitoring des maladies infectieuses et des bactéries pour évaluer la situation et réagir en cas de problème. L'immunité de l'animal est la clé. Afin de l'améliorer, il faut optimiser la nutrition et l'environnement de l'animal (hygiène, confort, stress) et utiliser les vaccins disponibles. Dans notre ferme, nous effectuons des antibiogrammes sur des échantillons de lait de vaches infectées pour trouver des bactéries résistantes.* »

Les agriculteurs et vétérinaires pourront en apprendre davantage sur la biosécurité lors d'une formation donnée cet

automne en collaboration avec le Lycée Technique Agricole et la Chambre d'Agriculture.

La collaboration entre le ministère de l'Environnement et celui de l'Agriculture a également été renforcée afin d'améliorer la biosécurité lors de la construction et de la rénovation des étables.

Être vigilant

Parmi les priorités du PNA, on retrouve la mise en place d'un système national de surveillance des données de consommation d'antibiotiques dans le secteur vétérinaire mais aussi l'analyse globale des données concernant l'antibiorésistance issue des différents secteurs dont le secteur animal. Dès 2024, un premier rapport annuel permettra de comparer ces données d'une année à l'autre, pour le Luxembourg mais aussi avec les pays voisins et européens.


Chaque pays doit aussi communiquer à l'Agence européenne des médicaments les données sur les volumes de vente et



Plan National Antibiotiques

* Axes dans lesquels le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural intervient le plus

* Achsen, an deenen de Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung am meeschten involvéiert ass



l'utilisation des médicaments antimicrobiens par espèce animale. Une base de données des antibiotiques, « ALVA administration des médicaments aux cheptels » a vu le jour en janvier 2023. Les vétérinaires doivent y déclarer les médicaments antimicrobiens administrés aux animaux d'élevage.

Enfin, la présence de résidus d'antibiotiques et de bactéries résistantes dans les denrées alimentaires d'origine animale sont passées à la loupe par l'ALVA qui prélève des échantillons afin de déterminer l'antibiorésistance. À titre d'exemple, l'ALVA prend chaque année des échantillons de muscle, d'œufs, de miel, de lait cru et d'abats auprès des bovins, porcins, équins, lapins, volailles et abeilles afin de rechercher des résidus d'antibiotiques. Lors des 5 dernières années (2018-2022), environ 170 substances différentes ont été recherchées dans 1 300 échantillons. Des échantillons ont été pris dans les fermes, à l'abattoir, chez des producteurs, dans le commerce et à l'import. Toutes ces données sont envoyées à l'Agence Européenne de la Sécurité Alimentaire (EFSA) et les résultats sont publiés dans des rapports annuels pour toute l'Europe.

*Den Nationalen Antibiotiquéplang
uet d'Zil, d'Optrieden,
d'Entwécklung an d'Iwwerdroe
vun den Antibiotiquéresistenzen
zu Lëtzebuerg erofzedrécken.*

*Le Plan National Antibiotiques a
pour but de réduire l'émergence,
le développement et la transmission
des résistances aux antibiotiques
au Luxembourg.*

Oignons: du champ à l'assiette

Ënnen: vum Feld op den Teller



La mise en place d'une chaîne production-transformation-distribution 100% luxembourgeoise des oignons permet de trouver des solutions pour garantir une consommation locale.

Duerch d'Ariichte vun enger zu 100% Lëtzebuerger Produktiouns-, Veraarbechtungs- an Distributiounskette fir Ënnen, kënne Léisunge fonnit ginn, déi d'lokal Consommatioun garantéieren. — Liesen S.18



Nico Ludivig: exploitation à Holler, www.regionalsaisonale.lu
Helder Lemos: La Provençale, www.provencale.lu

Chaque année au début du mois d'avril, la production d'oignons commence par la préparation du sol des champs, suivie de la plantation des petits bulbes d'oignons. « Pour pousser, les oignons ont besoin de beaucoup d'eau. Les périodes de pluie sont donc les bienvenues », explique Nico Ludivig, agriculteur et producteur d'oignons jaunes et rouges dans le Nord du Grand-Duché.

À la fin du mois de juillet-début du mois d'août, lorsque les températures sont plus élevées et que les oignons sont mûrs, le moment de la récolte arrive. Chaque année, les quantités récoltées de chaque variété fluctuent selon les conditions météorologiques. En cas de sécheresse ou de longues périodes sans précipitations par exemple, il est nécessaire d'arroser les champs pour garantir un bon rendement. « Cette année, malgré la pluie, la croissance des oignons a été plus lente que les années précédentes. Ce type de problèmes pourrait se produire à nouveau à l'avenir avec l'alternance de périodes sèches ou de précipitations trop abondantes. »

Une fois récoltés, les oignons sont d'abord séchés à même le sol, puis à l'intérieur à température ambiante. Après, ils sont stockés pendant plusieurs semaines ou mois à une température idéale de 3-4 °C dans des espaces ventilés, jusqu'à leur livraison et transformation ultérieures. Hors de ces espaces réfrigérés, les oignons évoluent en effet beaucoup plus vite. « Nous récoltons actuellement 20 tonnes d'oignons par hectare pour chaque variété. Notre ambition est d'atteindre 30 tonnes par hectare. Nous stockons les oignons de manière à pouvoir les livrer durant toute l'année. »

Avant chaque livraison, les oignons sont nettoyés et placés dans des caisses calibrées.

Soutenir le travail des producteurs

Une fois ces oignons mis en caisse, c'est vers La Provençale qu'ils sont envoyés depuis 2019. Cette dernière souhaite en effet développer des produits locaux, comme les fruits, les légumes, ou encore les produits laitiers. « Nous avions déjà des producteurs luxembourgeois pour d'autres produits, et nous en cherchions un pour les oignons. La Provençale s'est engagé envers Nico Ludivig à lui garantir un revenu minimum correct et à vendre la totalité de sa récolte, quel que soit le volume », déclare Helder Lemos, responsable du département fruits et légumes de La Provençale. Ce prix par hectare déterminé par les deux parties permet au producteur de poursuivre et d'intensifier sa culture, mais aussi de réaliser des investissements, dans des machines par exemple, pour améliorer la productivité, la rentabilité et la qualité de ses produits.

Acheminés par camions deux fois par semaine jusqu'à La Provençale, les oignons sont commercialisés en vrac, dans des filets sans plastique, ou coupés et épulchés. Ils sont ensuite distribués auprès des grandes surfaces, des épiceries, des restaurants et des cantines de collectivités (écoles, hôpitaux et entreprises) au Luxembourg. « Les clients finaux ont la garantie de consommer des produits luxembourgeois et frais. Une large partie de la population a donc accès, d'une manière ou d'une autre, à ces oignons produits par Nico Ludivig. »

La logistique, l'emballage et la commercialisation étant confiés à un partenaire, le producteur peut aujourd'hui se concentrer pleinement sur son cœur de métier, avec la certitude que ses volumes seront écoulés localement.

FR Quelques conseils pour conserver des oignons chez soi

- > Évitez de les placer entiers dans le réfrigérateur où ils s'oxydent, se ramollissent et transmettent leur odeur aux autres aliments;
- > Entreposez-les dans un endroit sec et frais, à l'abri de la lumière;
- > Eloignez-les des pommes de terre, à côté desquelles leur mûrissement est accéléré;
- > Si un oignon est pelé, placez-le au réfrigérateur dans un contenant hermétique;
- > Un oignon est encore bon s'il est ferme et sec.

LU E puer Tippe fir d'Énne bei sech doheem ze lageren

- > Evitéiert se als Ganzt an de Frigo ze leeën, wou se oxydérien, mëll ginn an hier Geroch un aner Liewensmëttel ofginn;
- > Lagert se op enger dréchener, killer a vu Luucht geschützter Plaz;
- > Halt se wäit vun de Gromperen ewech nieft deenen se méi schnell räifen;
- > Wann eng Énn geschielt ass, da leet se an e loftdichte Behälter an de Frigo;
- > Eng Énn ass nach gutt wann se fest an dréchen ass.



Nico Ludivig &
Helder Lemos

Létzebuergesch All Joer Ufanks Abrëll fänkt d'Ënneproduktiouon mat der Virbereedung vum Buedem op de Felder un. Dono ginn dann déi kleng Ënneknolle geplantz. „*Fir ze wuesse brauchen d'Ënnen, och Zwiwwele genannt, vill Waasser. Reeperiode sinn dofir besonnesch wëllkomm*“, erklärert den Nico Ludivig, Bauer a Produzent vu gielen a rouden Zwiwwelen am Norde vum Land.

Enn Juli/Ufank August, wann d'Temperatüre méi héich an d'Ënne räif sinn, gëtt et Zäit fir d'Ernt. All Joer schwanken d'Quantitéité vun der Ernt vun den eenzelen Zorte jee no de Wiederkonditiounen. Bei Dréchent oder laange Perioden ouni Reen zum Beispill mussen d'Felder bewässert gi fir e gudde Rendement ze garantéieren. „*D'est Joer sinn d'Ënnen trotz dem Reen méi lues gewuess wéi an de viregte Joren. Dës Aart vu Problemer kínten an Zukunft erëm optrieden, wann*

d'Drécheperioden oder ze staark Nidderschléi, sech ofwiesselen.“

No der Ernt ginn d'Ënne fir t'éischt op dem Buedem an dono dobanne bei Raumtemperatur gedréchent. Da ginn si nach e puer Wochen oder Méint laang bei enger idealer Temperatur vun 3-4°C a geléfte Raim gelagert, bis si geliwert a weider veraarbeicht ginn. Baussent dëse gekillte Raim gedeien d'Ënne vill méi séier. „*Mir recoltéiere fir de Moment 20 Tonnen Ënne pro Hektar fir jiddwer Zort. Zil ass, eng 30 Tonnen pro Hektar z'erreechen. Mir lageren d'Ënnen esou, dass mir se iwwert d'ganzt Joer eraus liwwere können.*“ Viru jidder Liwwerung ginn d'Ënne gebotzt an a kalibréiert Këschte geluecht.

D'Aarbecht vun de Produzenten ënnertstëtzen

Esou bal dës Ënnen a Këschte verpaakt sinn, ginn si säit 2019 un d'Provençale geschéckt,



«Pour pousser, les oignons ont besoin de beaucoup d'eau.
Les périodes de pluie sont donc les bienvenues.»

*„Fir ze wuesse brauchen d’Ënnen, och Zwiwwele genannt,
vill Waasser. Reeperiode sinn dofir besonnesch wëllkomm.“*

Nico Ludivig

déi iwweregens lokal Produite wéi Uebst, Geméis oder och Mëllechproduiten nach weider entweckele wéll. „*Mir hate schonns Produzente fir aner Produiten an hunn ee fir Ënne gesicht. D’Provençale huet sech géigeniwwer dem Nico Ludivig verflicht, him en ugemooosent Mindest-akommes ze garantéieren an seng gesamt Recolte ze verkafen, onofhängeg vun der Quantitéit*“, seet den Helder Lemos, Responsabel vum Uebst a Geméis bei der Provençale. Dee vun den zwou Parteie festgeluechten Hektarpräis erméiglecht et dem Produzent, sain Ubau net némme weider ze féieren an z’intensivéieren, mee och Investitiounen, z. B. a Maschinnen, ze maache fir d’Produktivitéit, d’Rentabilitiéit an d’Qualitéit vu senge Produiten ze verbesseren.

Auteur: Sophie Dubois - Photographe: Caroline Martin - Responsable: Christiane Mangen

D’Ënne ginn zweemol pro Woch per Camion an d’Provençale geféiert an do en vrac, a Fileten ouni Plastik, oder geschnidden a geschielt vermaart. Dono gi se dann hei am Land a Supermarchéen, Liewensmëttelgeschäfter, Restauranten a Kantinne vu Gemeinschaftsariichtungen (Schoulen, Kliniken a Betriber) verdeelt. „*D’Endclienten hunn d’Garantie, datt si lokal a frësch Produite konsuméieren. E groussen Deel vun der Bevölkerung huet also op eng oder déi aner Manéier Zougang zu den Ënne vum Nico Ludivig.*“

Well d’Logistik, d’Verpackung an d’Vermaartung engem eenzege Partner uvertraut goufen, kann sech de Produzent haut ganz op säi Kärgeschäft konzentréieren, mat der Gewëssheet, datt seng Quantitéite lokal ofgesat ginn.

Soupe crémeuse à l'oignon, fenouil & feta marinés

Crèmeg Ënnenzopp, Fenchel & marinéierte Feta



FR

Ingrédients pour 4 personnes:

- > 6 oignons > ½ blanc de poireau > 2 gousses d'ail > 4 c.à.s. huile d'olive > 30 g beurre
- > 30 g farine de blé > 20 g sirop d'érable
- > 100 ml vin blanc > 1 litre fond de légumes
- > 3 branches de thym > 1 feuille de laurier
- > 250 g crème épaisse > 1 fenouil > 200 g feta
- > 1 citron > 1 c.à.s origan séché > sel & poivre
- > 4 tranches de pain au choix

① Couper les oignons, le blanc de poireau et les gousses d'ail en morceaux. Faire chauffer 2 cuillères à soupe d'huile d'olive dans une marmite et ajouter les légumes. Laisser suer 10 minutes.

② Ajouter le beurre, la farine et le sirop d'érable. Déglacer au vin blanc, puis ajouter le fond de légumes, le thym et le laurier.

③ Assaisonner avec du sel et du poivre et laisser mijoter la soupe environ 30 minutes. Pendant ce temps, émincer finement le fenouil et couper la feta en cubes. Zester et presser le jus du citron.

④ Dans un saladier, mélanger le fenouil, la feta, les zestes et le jus du citron, 2 cuillères à soupe d'huile d'olive, l'origan, le sel et le poivre. Réserver. Retirer la soupe du feu, ajouter la crème et mixer.

⑤ Dresser le fenouil et la feta dans un bol, puis verser doucement la soupe crémeuse dessus. Frotter les tranches de pain avec de l'ail et les faire toaster dans une poêle avec de l'huile d'olive. Saler et poivrer.

LU

Ingredienten fir 4 Persounen:

- > 6 Ännen > ½ Wäissst vun der Porrett > 2 Zéiwe Knuewelek > 4 IL Olivenueleg > 30 g Botter > 30 g Weess-Miel > 20 g Ahorn-Siroop > 100 ml wäisse Wäin > 1 Liter Geméisfong > 3 Reiser Téimerjännchen > 1 Lorberblat > 250 g Sauerram > 1 Fenschel > 200 g Feta > 1 Zitroun > 1 IL gedréchenten Oregano > Salz & Peffer > 4 Tranchë Brout vun Ärer Wiel

① D'Ännen, d'Wäissst vun der Porrett an d'Knuewelekszéien a Stécker schneiden. 2 lessläffelen Olivenueleg erhëtzen an d'Geméis dozou ginn. 10 Minuten zéie loessen.

② De Botter, d'Miel an den Ahorn-Siroop dobäi ginn. Mam wäisse Wäin deglacéieren, dann de Geméisfong drop schëdden, den Téimerjännchen an d'Lorberblat dora leeën.

③ Mat Salz a Peffer wierzen an d'Zopp ongeféier 30 Minuten kächele loessen. Wärend där Zäit de Fenschel reng schneiden an de Feta a Wierfele schneiden. D'Zitrounschuel ewech schneiden an den Jus auspressen.

④ De Fenschel, d'Schuel an de Jus vun der Zitroun, 2 lessläffel Olivenueleg, den Oregano a Salz a Peffer an enger Schossel mëschen. Op d'Sait stellen. D'Zopp vun der Plaque huelen, d'Crème dobäi ginn a mixen.

⑤ De Fenschel an de Feta an enger Schossel schéin uriichten an d'crèmeg Zopp virsichteg driwwer schëdden. D'Brouttranchë mam Knuewelek areiwen an se an enger Pan mat Olivenueleg toasten. Mat Salz a Peffer wierzen.



Bio Produkter vun heiheem a villes méi.



www.biog.lu

Dir fannt se énner anerem bei Naturata a beim Cactus.

Zénter 1989, d'Butteker vun de Lëtzebuerger Bio-Bauer

BioMarché
Nr. 1 zu
Lëtzebuerg

GESOND
liewen
Bio
IESSEN

Gutt
fir dech
fir ons Baueren
fir ons Èmwelt



Wësse wou et hierkënnt !

Mir énnerstëtzen di lokal Bio- a biodynamesch Landwirtschaft.



www.naturata.lu

Altrier | Dudelange | Erpeldange | Esch-Belval | Howald | Marnach | Merl | Munsbach | Rollingen/Mersch | Rollingergrund | Windhof



E Pilotprojet fir Kanner
an Elteren ze sensibiliséieren.

Un projet-pilote pour
sensibiliser enfants et parents.

„Mir sinn Antigaspi, an Dir?“

«Nous sommes antigaspi, et vous?»

Zanter Abrëll heescht et a véier Maison Relaisen am Land „Mir sinn Antigaspi, an Dir?“. Fir de Pilotprojet huet de Landwirtschaftsministère IMS Luxembourg beoptraagt, Kanner an Elteren fir méi Bewosstsinnbeim lessen ze sensibiliséieren.

Depuis le mois d'avril, quatre maisons relais du pays ont adopté la devise « Mir sinn Antigaspi, an Dir? », se prononçant ainsi clairement en faveur de l'antigaspillage alimentaire. Un projet-pilote pour lequel le ministère de l'Agriculture a chargé IMS (Inspiring More Sustainability asbl) de sensibiliser enfants et parents. — [Lire p.24](#)

Luxembourg mat. D'Kanner vun Duelem, Kielen, Groussbus-Wal a Rëmeleng sinn domat d'Virreider am Beräich vum Antigaspi a sollen testen, ob de Projet spéider och am ganze Land kann duerchgefouert ginn.

An engem Heft kréien déi Véier- bis Zwielef-järeg verschidden Challengé proposéiert, déi si an der Grupp mat hiren Educateuren an der Maison Relais, oder individuell mat hiren Elteren doheem kenne léisen. D'Aufgabe sinn op Lëtzebuergesch a Franséisch an huelen d'Famille mat op eng Rees duerch d'Lëtzebuerg Liewensmëttelproduktioun, ma och -consommatioun. „D'Kanner sinn d'Konsumente vu muer an eist Zil ass et, iwwer si och d'Elteren ze sensibiliséieren“, erklärt d'Managerin vum Projet, Carla Jellema vun der Inspiring More Sustainability asbl., kuerz IMS.

Liewensmëttel kenneléieren a schmaachen

